LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 9 novembre 2023

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

**Objet** : Pétition n° 2712 – Arrêter les nuisances sonores avant 9h00 dans les zones résidentielles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la prise de position du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, concernant la pétition N° 2712 de Monsieur Tommy Hardt, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'Petitioun n° 2712 vum 17. Mäerz 2023 vum Här Tommy Hardt.**

D'Zäite wärend deenen op de Chantiere geschafft ka ginn, sinn net nëmmen am Règlement grand-ducal modifié du 13 février 1979 concernant le niveau de bruit dans les alentours immédiats des établissements et des chantiers gereegelt mee och am *Règlement général de police* vun de jeeweilege Gemengen.

Wéi am modifizéierte Reglement vum 13 Februar 1979 ze liesen ass, ginn am Artikel 3 och generell Recommandatiounen zu Lautstäerkte formuléiert, déi beschtefalls net depasséiert solle ginn.

Zousätzlech zu dësen Oplagen, gesinn d'Commodo-Incommodo-Autorisatioune vun der Ëmweltverwaltung a vun der Aarbechtsinspektioun (ITM) weider Konditioune vir, déi d'Lautstäerkt an d'Vibratioun vun de Maschinnen an d'Aktivitéiten um Chantier betreffen.

Wat d'Duerchféiere vu Chantieren op de Staatsstroossen ugeet, sou ass allgemeng ze betounen, datt eng méiglechst flexibel Andeelung vum Aarbechtsdag a Konformitéit mat der bestoender Gesetzgebung, ee vun de Parameteren ass fir e Chantier méiglechst effikass kennen ze gestalten. Op sensibele Plazen am Stroossereseau erméiglecht déi aktuell Aarbechtszäit et och wärend zwou Schichten ze schaffen an sou den Impakt vum Chantier méiglechst kuerz ze halen.

Des Effikassitéit kann sech also duerch eng Reduktioun vun der Gesamtdauer vun engem Chantier ausdrécken oder doduerch, datt insgesamt de Verkéier, dee jee no Auerzäit a Richtung variabel ass, manner perturbéiert gëtt.

Och bei gréissere Chantieren am Héichbau wou divers Beruffsstänn zäitversat um Chantier intervenéiere fir e méiglechst organiséierten Oflaf vun den Aarbechten ze erméiglechen, géif esou eng Verkierzung vun der Aarbechtszäit eng Verlängerung vun der Dauer vum Chantier bewierken, wat weder am Interessi vun den Awunner, nach vum Bauhär a vun den Entreprisë wier.

Zousätzlech ass och ze betounen, datt eng Verkierzung vun der Aarbechtszäit ëm 2 Stonnen och kee Potential fir eng Reduzéierung vun der allgemenger Geräischkuliss vun engem Chantier mat sech bréngt.

Alles an allem géif sou eng Upassung also éischter dozou bäidroen, datt divers Aarbechten iwwert ee längeren Zäitraum mussen duerchgefouert ginn, wat eng Verlängerung vun der Gesamtdauer vu vereenzelte Chantiere verursaacht wouduerch gläichzäiteg och d'Käschte vum Projet klammen. Dës Verspéidunge géifen dann och rëm stéierend vun den Awunner empfonnt ginn.

Ofschléissend bleift also festzestellen, datt déi vum Här Hardt gefuerdert Verännerung vun der Aarbechtszäit leider net dee gewënschten Impakt mat sech bréngt.